

Kleng, ma reng dobäi...

Eng Fro: Wësst dir, a watfir engem Lidd dat esou steet?

Staatsméisseg ass eist Land „kompakt aus engem Goss“, och wa mir op eise butzegen 2 560 km² gewësse Charakter- oder kleng Sproochënnerscheeder hunn.

Lëtzebuerg ass kee „Bundesstaat“, och keng „Eidgenossenschaft“, kee „Federalstaat“, kee „United XY“. De Grand-Duché ass och kee „Puzzle“ mat regionale „Separationstendenzen“; och net wéi déi „federal“ Belsch, wou een net weess, ob se mar oder iwwermer op d'mannst an zwéin Dealer bascht. Bedenkt och emol Spuenien oder Italien, wou d'Rësser vun den eenzelen Dealer ëmmer erëm opfueren. Et ass mengerwäreg net vu Mutterwëll, heiansdo eng Grimmel driwwer ze „kalennen“, **wat déi eenzel Staaten dach ower zugudderlescht zesammenhält: D'Geschicht, d'Sprooch an eventuell eng Monarchie?**

Wann an dësem Streech esou vill an dacks vun eiser IDENTITÉIT geschwat gëtt – ouni ze definéieren, wat dat ass – da si mir séier bei „eiser lëtzebuergescher“ **Vergaangenheet vun de leschten 200 Joer** ... a ganz kloer: eeriicht bei eiser Sprooch!

An deene leschten 9 Generatiounen ass ënnert de Lëtzebuurger **eng Zort Famill entstan, déi am Fong näischt a kee méi auserneendividéiert kritt**. Zu deer Famill gehéieren natierlech och all déi Leit, déi selwer, oder deenen hir Grouss- an Urelteren hier komm sinn, sech hei eragelieft a souzesoen e „Stack“ gemaach hunn ... **wat iwregens erëm typesch fir d'Lëtzebuurger Eegenart ass; den ongewinnnten Numm huet dobäi keng Roll ze spillen**, a sproochlech fällt spéitstens no 3 Generatiounen kengem méi ënnert den „typesche“ Steffen, Matgen, Etgen, Goergen oder Schmitz e „friemen“, Numm op: Van den Bulcke, Moutrier, Meunier, Schreitmüller, Schuster, Kolakovic, Gelejinski, Kryloff, Grobelny, Tereba, Tedeschwilly, Poggi, Nardecchio, Coelho, Pinto, Garcia, Lopez asw.

Mir hunn als Kanner mat deene Komerode gespilt, getoozt a gerolzt, ouni datt ower och nëmmen een e Spéngelskapp un déi „net-lëtzebuergesch“ Nimm geduecht hätt. **Do huet Integratioun sech supernormal an natierlech op der Strooss, an der Schoul a besonnesch am Schoulhaff gemaach**; datt d'Eltere vun deene Kanner dacks nach en zimlech bossegt Lëtzebuergesch geschwat hunn, komplett egal! Eng ongeheier wichteg Roll huet (wéi iwwerall) **d'Veräinsliewen** am Sport, a Museken a Gesank gespilt; Hand op d'Häerz: Wann e Jong e Meedchen, oder eng Modi e Kärelche „fir dran ze bäisse“ fënnt, da brauchen dach keng ielelaang Integratiounslwwerleeunge gemaach ze ginn; do hunn nach ëmmer ganz aner Elementer eng Roll gespilt; déi gëllen ee Gléck och nach haut.

An eiser „moderner“ Zäit ass **och déi „Numm-Geschicht“ – bis op déi iewesch Träppleke vun eiser klenger Gesellschaft – keen Thema méi** ... also solle mir äis net zevill Kappbrieches iwwer en Zoustand maachen, deen eng Saach vun Zäit, also Generatiounen, ass. Wat leider ower net verhënnert, datt déi „Klenggetëppelt“ (op den 2 Säiten) nach ëmmer net ausgestuerwe sinn ... loosst se als Strof liewen.

Et gëtt hei am Land knapps een eenzegen „Agewanderten“ aus der 3. Generatioun, deem et un „Integratioun“ fehlt; deen sech net hei eragelieft/-gewinnt hätt. Eis Sprooch ass eng vun den Hauptursaachen, datt et esou ass, an zwar net nëmme fir italiéinesch oder portugisesch Leit, mä och fir déi „vum Balkan“ oder soss enzwou, déi hir Chance hei gesicht a fonnt hunn. Fir sech ennereneen ze verstännegen ass zugudderlescht eis Sprooch dat bescht Mëttel, de Catalyseur ... mä do musse mir Lëtzebuurger hëllef, aplaz d'Leit mat allem unzequatschen, ower nëmmen net mat ... Lëtzebuergesch!

Wier et gutt wouer!

An engem Zeitungsartikel, no der Generalversammlung vun der Actioun-Lëtzebuergesch, stong grouss an der Iwwerschrëft, **d'Lëtzebuergesch giff als Nationalsprooch an der Verfassung „verankert“, an anere Wierder: d'Saach wier gebongt**. Dat wier jo wonnerprächtig, leider ass et (nach) net de Fall... an et huet och keen dat gesot! Just de Reporter hat dat esou (falsch) verstan, well de Problem jo laang a breet explizéiert ginn ass; vläicht esou gutt, datt de Schreiwter sech dra verkuerbelt huet.

An deerselwechter GV sinn eis Leit da gewuer ginn, datt mir elo **eng Brochureerausginn. An deer sinn déi 50 Artikelen aus der KLACK-Serie „Ceterum censeo...“** iwwer eis Sprooch an der Constitutioun zesummegepaakt, fir datt jiddereen **d'Argumenter an der Hand** huet, firwat d'Lëtzebuergesch als Nationalsprooch an d'Constitutioun soll/muss kommen. Duerno kann dann ower och kee méi soen, hien hätt dës oder déi Ursaach net beduecht oder gewosst...da mécht dat och **als REFERENDUM e Sënn!** Et ass un der Regierung an enger 2/3-Chamber-Majoritéit, fir déi Identitéitsfro iwwer Nationalsprooch, Offiziell- an Administrativsprooch propper ze léisen, oder referendär kloer ze maachen.

Mamma, Kënni Schlippi?

D'Haaptelementer vun enger Sprooch sinn natierlech d'Substantiven/Dingwierder, d'Verben an d'Adjektiven/Adverben. Ginn déi einfach 'réi' gebraucht, da kann een sech domat a jidfer Sprooch zwar verstänneg maachen; mä da schwätze mir vu 'petit nègre',

vum Lex Roth



(Foto: Teddy Jaans)

'pidjin', wéi z.B.: Papa être fâché; Moi avoir argent; He go airport; Father read big book. Dat seet natierlech, wat gemengt ass a gesot/matgedeelt wëllt ginn...ower esou eng Sprooch kënnt ee vir wéi aus Schierbelen a Spläitieren zesummegelemmelt. Et spiert een, datt 'eppes fehlt'. Fir datt eng Sprooch/en Idiom gewieweg gëtt a 'fléisst', ginn nach deer anerer 'klenger Wierder' gebraucht; Dingwierder, Verben an Adjektive 'gebéit/flektéiert', woufir och nach vu 'konjugéieren' an 'deklinéieren' geschwat gëtt... natierlech och am Lëtzebuergeschen.

E Kand mat normalem Kappche weess ower näischt vun esou Iwwerleeungen a komplizéierte Wierder a Begrëffer... an et léiert nawell no an no 'richteg' schwätzen. Genee esou kann een och an d'Lëtzebuergesch erakommen; souzesoen 'd'Äis brieche'. Dausende Lëtzebuurger hunn op dës Manéier hirt Franséisch 'op der Walz' oder hirt Englesch nom Auswandere geléiert... firwat soll dat net och de Fall fir 'Friemer' sinn, déi hei erakommen. Et sief, mir ginn hinne keng Chance oder laachen domm... wéi all déi, déi näischt verstanen hunn.

Klengegkeeten?

Wësst Dir nach, wat en „Ëmstandswuert“ ass, oder an der franséischer Grammaire en „complément circonstanciel“ (c.c.)? Dobäi gebraucht Dir deer Wierder all Dag, fir d'Ëmstänn vun eppes däitlech ze maachen, wouvun Dir schwätzt oder schreift, an zwar Wierder vun deene verschiddenste Kategorien, déi z.B. op Zäit/c.c. de temps, Plaz/c.c. de lieu, Ursaach/c.c. de cause asw. weisen. Ganz dacks maachen déi „Klengegkeeten“ eng Schwätz oder Schreif ower méi räich, méi fuerweg, vrun allem méi genee a kloer!

Mir hunn am Lëtzebuergeschen natierlech och eng Schwadrull deer **Klengegkeeten**, déi op „wéi?“, „wou?“, „wéini?“, „firwat?“ eng Äntwert ginn ... leider och ëmmer méi muttwëlles op Houdäitsch! Wat maache mir mat deem „ausserhalb“ aplaz „bussen(t)“; „inwendeg“ aplaz „bannewänneg“, „innerhalb“ aplaz „bannen(t)“, „oberhalb“, „ënnerhalb“, wou mir dach „uewenzeg“, „(dr-)ënner“ hunn? All déi däitsch **Ausdréck mat deem „halb“-Wutz haten a brauche mir net**; si maachen eis Sprooch just méi aarm ... et sief, dat ass engem wurschtegal.

Sprooch-Muttwëll

- Huet dir well iwwerluecht, datt et keng franséisch, englesch, italiéinesch oder aner Iwwersetzung vum däitsche Wuert „Seelsorger“ gëtt? Bei äis war dat nach ëmmer einfach „e Geeschlechen“; **e „Seelsuerger“** ass total iwwerflësseg.
- Wien op Lëtzebuergesch vun engem „beandrockende Spektakel“ schreift oder schwätzt, weist, datt hie kee Gefill fir eis Sprooch huet, oder sech Ausdréck – wéi leider sou dacks an der geschwate/geschriwwener Press – ze llicht aus dem Däitschen eraus mécht. „Spektakel“ huet (trotz sengem laténgesche Fong vu „kucken“) bei äis ëmmer nëmme mat engem Geräisch ze dinn; hei kënnt een ower och eng intressant Iwwerleeung mat eiser (exklusiver!) Spektiv maachen...
- Ass et iech schonn opgefall, datt mir ower och **nullkommanäischt „fortsetzen“**; keen Zeitungsroman, kee Concert asw.; domat „fuere mir virun/weider“; dofir gëtt et am Lëtzebuergeschen **am Fong och keng „Fortsetzung“**; et „geet weider“.
- Ee vun den intressantste Fäll, wéi dat Däitsch esouguer eis puer kleng franséisch-giefert Gewunnechten op d'Säit dréckt, ass d'**Aluedung/alueden** ... averstan (d'accord?): „invitéieren an Invitatioun“ ass pur Franséisch, mä gitt emol an d'Press vu virum „1. an 2. TV-Preis“ bliederen... alueden an eng Aluedung guff et net!

Eng Stell

Sou wäit ee sech kann erënneren, ass et beim Rechnen an der Schoul ëm „Stellen“ hantert dem Komma gaang ... normal: dat ass nun emol op Däitsch geléiert ginn. Et huet een ower näischt vu „Baustell“ gehéiert, mä „Schantjen“; dat war dees an d'Lëtzebuergesch gequëtschte Franséisch wéi „Stong“, „Piakulliss“ asw.

Et dærf een sech an dësem Sënn och vläicht froen, firwat mir sollen aus enger Bennis- oder Tankstatioun eng „Tankstell“ maachen; d'Äntwert ass natierlech, wéi bal ëmmer: TV! ... 3 Dosen däitschsproocheg Programmen ... déi vun 90 % gekuckt ginn! Praktesch d'ganz Welt schwätzt – mat de verschiddenste Betounungen – ower vun Televisioun; souguer d'Programme vum „Spiegel“, dem „Focus“ asw. stellen sech als „TV“ vir ... woufir solle mir da vu „Fernseh“ rieds hunn. Mir haten an hunn dach och kee „Fernglas, kee Fernschreiber, kee Fernsprecher“. Also.

Bosseg... mä richteg Lëtzebuergesch

Wann et dobaussen esou schmeier ass, kritt een nawell gär opgelafe Féiss. Vill verfuussen sech der dann a schluppen e gliddegen Téi, well dat vu banne besser killt. Anerer gi queesch a si bal net ze gebrauchen; si knouteren a knadderer u jidderengem, kee kënnt hinnen aus de Féiss. Déi rose louder Grandsäck mam geschréipte Charakter giffen am léifsten un ee goen; do huet ee besser...unzegoen.

Dat emol op Däitsch oder Franséisch iwwersetzen? Kappbrieches! Dir kënnt et ower mat an d'Vakanz huelen, fir wann do een iech freet, wat mir dann esou schwätzen.